# Kontakt

**Informatiounsblat vum Fieldgen / No 6** **Freideg, 27. Oktober 2023**

| LU - 6.11. | MA - 7.11. | ME - 8.11. | JE - 9.11. | VE - 10.11. |
|---|---|---|---|---|
| **9h30**<br>Evakuatiouns-<br>Exercice<br><br>**14h20 - 15h10**<br>Versammlung fir<br>Délégués à<br>l'environnement<br>am Sall S207<br><br>**15h15 - 17h15**<br>Noschreiwprüfungen<br>am Sall S207 | **8h00 - 9h45**<br>Prévention Police<br>6G1 / 6G2 / 6P2<br><br>**8h00 - 11h45**<br>épreuves<br>standardisées<br>5G1 / 5G4<br>5AD1 / 5AD2<br><br>**19h00**<br>Eltereversammlung<br>7G3 / 7G4<br>6C2-L / 6G5 | **8h00 - 9h45**<br>Prévention Police<br>6G5 / 6G6 / 6P1<br><br>**8h00 - 11h45**<br>épreuves<br>standardisées<br>5G5 / 5G6 / 5G8<br><br>**18h00**<br>Eltereversammlung<br>5G5 / 5G7<br><br>**19h00**<br>Eltereversammlung<br>6C1 | **8h00 - 9h40**<br>visite médicale<br>7G3<br><br>**8h00 - 11h45**<br>épreuves<br>standardisées<br>5C3-L / 5G2<br>5G3 / 5G7<br><br>**12h35 - 14h15**<br>Prévention Police<br>6G4<br><br>**16h15 - 18h00**<br>CNEL<br>am Sall<br>Raoul Follereau | **8h00 - 9h45**<br>Prévention Police<br>6C1 / 6C2-L<br><br>**8h00 - 11h45**<br>épreuves<br>standardisées<br>5C1 / 5C2 / 5P<br><br>**9h55 - 11h35**<br>Prévention Police<br>6G3 |




## Wéi kréien ech meng Fotoen ?

1. Scann de QR-Code um Coupon, deen's du vun dengem Regent krus
2. Klick op IERGENDENG Foto fir se ALL auszewielen
3. Klick ënnen op <u>*Foto bestellen*</u>, an dann op <u>*In den Warenkorb*</u>
4. Dono gees de an däin <u>*Warenkorb*</u>, wiels aus wéi s du wëlls bezuelen a klicks ënnen ob <u>*Zur Kasse gehen*</u> (Kuck virdrun nach eng Kéier, ob de *Package* och wierklech nëmmen 1 Kéier bestallt ass - 1x10€ )
   *Package* = 1 Passfoto, 2 Klassefotoen
5. Da gëss du deng Adress etc an, an bezils per *Paypal* oder Kreditkaart (spéitstens hei brauchs du warscheinlech deng Elteren).
6. **!WICHTEG!**
   Nodeems dir bezuelt hutt, muss der nach op <u>*Jetzt kaufen*</u> klicken, soss ass et net duerchgaangen.
7. Du kriss ee Link per Email geschéckt,wou s du deng Fotoen an héijer Qualitéit an ouni Waasserzeeche kanns eroflueden.

## Fieldgen for Future

De Grupp *Fieldgen For Future* (Nohaltegkeetsgrupp vum Fieldgen) setzt sech zanter 2019 fir d'Ëmwelt um Fieldgen an.

**Wat heescht dat méi konkret?**

Eis EC trefft sech all Méinde vu 14:20 bis 15:10 am Marco Polo (S-Gebai) a schafft dorunner, d'Schoul méi gréng, méi ekologesch a méi gemeinschaftsfrëndlech ze gestalten.

Hei sinn e puer Projeten an Aktiounen un deene mir geschafft hunn oder aktuell schaffen:

| Erleedegt Projeten | Projeten um lafen |
|---|---|
| Bänken am Schoulhaff | Insektenhotel |
| Dreckoprafaktioun | Bannenhaff |
| Tri vun den Offäll (Stickeren) | Schoulhaff begréngen |
| ReUseCorner | |
| Nei Vëlosstänner | |
| Neie recycelte Pabeier fir d'Kopien | |

**Mir sichen Engagéierter! Du bass gefrot!**

Du wëlls dech fir d'Ëmwelt asetzen, an dobäi de SchülerInne vum Fieldgen eppes Konkretes hannerloossen?

Da mell dech beim Här Stefan Kornelis oder beim Här Philippe Haag an eiser Ecole à la Carte!

Fieldgen for Ëmwelt,
Fieldgen for Gemeinschaft,
Fieldgen For Future!

Ecole à la carte
Fieldgen For Future

## ReUseCorner

De Nohaltegkeetsgrupp vum Fieldgen freet sech iwwer (bal) alles, wat ...

- an eist Regal vun 33 cm x 33 cm x 33 cm passt;
- vun Iech net méi gebraucht gëtt, awer an engem gudde, propperen Zoustand ass;
- wat manner wéi 50 Euros wäert ass.

### Wichteg !

Mir huelen ...

- keng Bicher, keng Classeuren a kee Schreifmaterial (=> Dësch virum Sekretariat)
- keng Kleeder a Schong
- keng elektronesch Geräter
- keng Géigestänn, déi eng Verletzungsgefor duerstellen (z.B. keng Messeren, etc.)


Villmools Merci fir ären Engagement!

**Eise neien ReUseCorner befënnt sech op der Passerelle fir an de Bâtiment D**




## New arrivals at the CDI :

Graphic Novels on difference and acceptance




In English



# Schéi Vakanz